QE N°135
Reçue le 28.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 28.02.2022

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 28 Februar 2022

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 85 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës erweidert parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeministesch weiderzeleeden.

Zanter dem Ufank vun der Pandemie huet eis Gesellschaft e grousse Sprong am digitale Beräich gemaach. Dat ass mat ville Avantage verbonnen, mee leider net ëmmer fir jiddereen. Sou huet een Artikel, deen de 24. Januar op der Internetplattform "Journal.lu" ënnert dem Titel "Unendliches Netz, unzählige Barrieren" publizéiert ginn ass, op d'Situatioun vu Leit mat Handicap opmierksam gemaach, fir déi et net evident ass, sech um Internet erëmzefannen.

An deem Zesummenhang ass am Koalitiounsaccord festgehalen, dat de Contenu vun den offiziellen Internetsitte vun der Regierung soll fir all Bierger zougänglech gemaach ginn. Niewent enger Offer op méi Sproochen ass och explizit de Konzept vun der "leichte Sprache" am Koalitiounsaccord festgehale ginn. Mesuren an deem Zesummenhang sinn ënnert anerem am "Plan d'action national de la mise en oeuvre de la Convention relative aux droits des personnes handicapées 2019-2024" virgesinn.

Am Kader vun dëser erweiderter parlamentarescher Fro wéilt ech der zoustänneger Ministesch dës Froe stellen:

- Wéi ass et haut mat der Accessibilitéit vun den Internetsitte vun der Regierung? Sinn se och fir Persounen, déi een Handicap hunn, an zum Beispill blann sinn, adaptéiert?
- Wat gëtt konkret ëmgesat fir en Informatiounsrecht fir jidderee kënnen ze garantéieren?
- Wéi eng Mesuren si virgesi fir d'Barrièrefräiheet vum Internet am allgemengen ze verbesseren?
- Wou ass den Opbau vum "Centre de la Communication accessible à tous" drun?

Mat déiwem Respekt

Simone Asselborn-Bintz

Deputéiert



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu